

## Eng nei „BRÉCK“

Mir freeën äis zënter der Grëndung vun der Actioun-Lëtzebuergesch (1971) op alles, wat an eiser Sprooch a fir si gemaach gëtt. Ganz besonnesch frou ware mir och, gewuer ze ginn, datt sech en neie Veräin an deem Sënn virgestallt huet: d'a.s.b.l. „d'BRÉCK“!

Mir waren a sinn a gi keng Veräinsmeieren, déi all „Konkurrenz“ queesch bekucken. Alles, wat fir eis Sprooch ass, leeft op deene Schinnen, deer mir zënter 34 Joer leeën, fir an déiselwecht Directioun ze fuehren... vu Konkurrenz deemno keng Ried. Mir reechen d'Hand an offrëieren eis Frëndschaft a Mataarbecht, esou wéi se erwünscht ass. Och an eis KLACK huele mir no eise Méiglechkeeten dat mat eran, wat mir eventuell sollte kréien. Eis Adresse si bekannt; mir soen elo well merci fir déi vun der „Bréck“.

■ A.L.

## Sauerdeeg???

Ouni all Fanatismus, Purismus, Normativismus, a wat et deer „Ismen“ nach esou gëtt: Et ass Muttwëll, wa mir eiser gestackter an zolitter Ausdréck erhéngere loosse, wa mir se oui déi mannsten Ursach einfach mat engem däitschen oder franséische Wuert ermëzelen.

Firwat brauche mir dann op eemol „Sauerdeeg“? Mä well mir an engem gewësse Sënn eng Televisiouns-Papageiekränkt hunn, soss weider a glat näischt! Ginn d'Brout an de Kuch net méi mat DEESSEM op? Ass de „Sauerdeeg“ besser, méi dichteg, méi kultivéiert? Dat sproochlecht GEDEESSEMS huet absolutt kee Grond a kee Sënn, et ass eng No-Aferei wéi mat Honnerte vu Wieder, déi einfach vun däitschsproochenge Televisiounsprogrammen nogebabbelt ginn... nach méi gelungen ass et dann, wa gesot gëtt, si wieren ze al... just fir ze verstopen, datt et engem egal ass, geldlir.

Géint Däitsch? Géint glat näischt! Fir eis Sprooch an Identitéit... déi etx blutnéideg hunn.

■ H.M.

## De „PANEWIPPCHEN“...

... ass e Villchen, op Däitsch Bach-/Graustelze, op Franséisch bergeronnette... ower PANEWIPPCHEN ass och den Numm vun enger vun de beschten Hëllef vum eiser Sprooch: d'„Zeitung vum ‚natur musée‘ fir jonk Leit“, formidabel gemaach! Si ass elo bei der Nummer 70 ukomm an e komplett Produkt vu Spezialiste vum PANDA-Club, déi eng glécklech „Schreif a Patt“ hunn, eis Kanner a jonk Leit fir d'Natur mat allem drëm an drun ze begeeshteren... iwregens an Zesummenaarbecht mat alle Ministären an Servicer, déi mam Gebitt „natur+Erzëiung“ ze dinn hunn.

Wann dir wierklech eppes Guddes, Schéines an Nätzlechtes fir e Jong oder Meeche wellt maachen, eppes dat wäit iwver d'Getipps a Gefréckels op deer meeschter „Verblödungselektronik“ eraus geet, da bestellst iech selwer, ärem Jong oder Meechen, ärem Pätterchen oder deer klenger Giedelchen de PANEWIPPCHEN.

Rufft fir méi genee Bescheed am ‚Naturmusée/Musée national d'histoire naturelle‘ beim Service „Panda-Club“ un; kuckt op d'Internet-Säit www. Panda-club.lu... dir wäert iech wonneren.

■ L.R.



Pont Grand-Duc Adolphe © Tom Wagner

## rappen

du hues dir eng gerappt; rapp dech; ech rappen e Witz; rapp kee Roff erof; rapp dat Blat eraus; ech rappen en Apel; du hues mir eng gerappt; da rapp alt emol un... wien e bësse sicht, dee fëntt deer Beispiller mam Verb „rappen“ och nach sécher eng Rëtsch. Mir gebrauchen et bal all gudden Dag an iergend enger Bedeitung... mä mir sinn äis net bewosst, wéi typesch lëtzebuergesch dat „Gerapps“ do ass!

Dir këntt elo soen, „rappen“ dat wier dat franséisch „râper“. Stëmmt. Ower nëmme fir Kéis, eng Muert, Nëss oder en Apel. Da sot emol engem Fransous, j'ai râpé une blague, je râpe une feuille d'un cahier, je m'en suis râpé une... dee kuckt iech ewéi e Moundkällefchen! D'Verb „rappen“ ass e ganz flott a gutt verstänneg Beispill, fir Typesches an eiser Sprooch ausereneen ze dinn. An deem Sënn sinn Dausende vun Ausdréck am Lëtzebuergesch typesch „eises“. Hire lëtzebuergesche Gebrauch huet an enger aner Sprooch keng oder eng falsch Bedeitung.

D'Linguisten, déi wëssenschaftlech Sproochfoxerten, schwätzen an deem Fall vu „SEMANTIK/Semiologie/Bedeutungslehre“ asw. Hei sief drun ernërdt, datt d'Bedeitung vun engem Wuert nach laang net ëmmer drop weist, vu wou oder vu wat et hierkëntt. Dat ass erëm eng aner Gei, an déi heescht „ETYMOLOGIE/Herkunftslehre“... eng onheemlech interessant, mä kriddeleg Saach, wou dacks Joerhonnerten oder Joerdausenden déif muss gepiddelt ginn, fir nach net onbedéngt eppes Zerguttstertes ze fannen. Mat dem „Petit Robert“ fir d'Franséisch, dem „Duden-Herkunftswörterbuch“ fir d'Däitsch, oder dem „Oxford“ fir d'Englescht léisst sech ower fir äis aner Laien e ganze Koup ufänken an erausfannen.

■ P.W.

## Marcel REULAND \* 1905 † 1956



Marcel Reuland  
1905-1956

An der KLACK 111 komme mir op eisen Dichter an Theaterschrëftsteller Marcel REULAND ze schwätzen. Hie steet mat dem Jos. KEUP an dem Tit SCHROEDER an der allerviischter Rei vun eise Lyriker, den Dichter mat deer apaarter Oder... fir Gefill a Sprooch.

Mir si gewuer ginn, datt d'Buch mat sengem ganze Schrëftstellerwierk fir dem Marcel Reuland seng 100 Joer nei erauskëntt. Ee Gléck! Et war zënter 25 Joer total vergraff... mä et gehéiert wierklech an all Bicherschef, wou eis Sprooch eng léif Plaz huet. Dir fannt an den nächste KLACKEN nach méi ewéi e wonnerschéint Gedicht vun deem Sprooch-Meeschter.

## talker, walker, stalker ...

... wat hunn déi dräi hei verluer? Am Fong guer näischt, well et si jo englesch Wieder. Schreifweis-méisseg komme si ower grad giedeleg, fir alt mol erëm drop ze weisen, datt d'Orthographie vum Lëtzebuergesch e „Méckepipi“ géint déi vum Engleschen ass.

Den „talker“ kenne mir vun der TV-Talkshow, de „walker“ vum Wiskey... an de „stalker“ ass en aarme Geesch, deen sech e Meedchen an de Kapp gesat huet an et op déi koppegst Manéiere belästegt; dat ëmgedrëint soll et jo och ginn...

An d'Lëtzebuergesch dobäi? Mä mir hunn dee Laut, dee vum „o“ op den „a“ rutscht plazeweis och an eiser Sprooch, z.B. zu lechternach an zu Wolz. Eis Schreifweis erlaabt äis et, esou lokal oder regional „Lautfaarwe“ kloer ze schreiwen. Hoan déi mam Boart esougoar e Foasmoart? Wichtig fir äis ass, datt de Laut „oa“ an eiser Sprooch ëmmer dselwecht geschriwwen gëtt... am Engleschen ower nach laang net!

Wéi ass et da mat „more, for“ an „hawk“, mat „hoar“ a „four“ a „salt“ oder „chalk“ asw.? Dat wier an eiser Schreifweis kannerlich: moar, hoak, hoar, foar, salt... mä am Englesche géllt, wéi et schéngt de Sproch: Firwat et einfach maachen, wann et och komplizéiert geet?! Natierlech spillen do sprooch-historesch Elementer mat eran, mä dat ass méi dacks fir als Ursach ze gebrauchen... domat këppt een all Diskussioun direkt of. Eppes hu mir duerch d'Englescht ower ganz bestëmmt matkritt: wéi mir et hu misse léieren, war d'Gewunnecht bei deer Orthographie d'Haapt-saach, net onbedéngt déi onverdaulech Phonetik!... Bei deer lëtzebuergescher Schreif an allen aneren och! Leider wëllt déi l-Butze-Wouerecht net esou liicht an d'Käpp. Vrun allem a Klätzkäpp.

## Et wor esou ëm d'Päischten ...


... an 1868-1872, wéi de Michel RODAN-GE säi REENERT zu WOLZ geschriwen huet, huet och ewell alles an deem Parc gebléit, deen haut de Kultur-Parc-Wee RODAN-GE-REENERT ass! Hei ass hien all gudden Dag de „Scholbeerig“ erop op Uewerwolz schaffe gaang. Ganz bestëmmt huet hien och en désere oder deer Iddi vun deem Wierk gekalennert, wéi hie laanscht Beem gong, déi nach haut do stinn! Gedanken aus deenen dat éischt Buch vu literareschem Rang an eiser Sprooch sollt entstoan.

Haut ass et dowäert, datt dir iech dat ukucke gitt. Wat mir d'lescht Joer do ageweit hunn, huet ganz sécher och eng kënschtlerech Qualitéit, déi internationale Rang huet! „ça vaut le détour!“ steet fir esou Saachen an engem Touriste-Guide. Den „détour“? Dir klamm an der Stad an den Zuch – dee brauch eng Stënnchen, an et geet all Stonn een! – keng 300 Meter vun der Wëlzer Gare ewech sidd dir am Parc, beim Léiw, beim Wollef, de Marber Strophe-Steng, an e bësse méi erof bei deer kultur-monumentaler Rodange-Sail... 100 gudder Meter vum aut-henteschen Haus, wou de REENERT geschriwwen ginn ass!

■ M.V.

## NEI !

Am Kader vun den Ännerungen am WORT, hu mir äis och mat der Direction eens gemaach, eiser KLACK en anert Gesiicht ze ginn. Si ass an den 11 Joer, wou dir se kennt, esou bekannt gi wéi „den Donkelzer Wollef“. Eis Décisioun vun 1984, iwver eng Veräinszätschreift eraus esou vill Leit wéi méiglech ze errechen, huet sech als richtig gewisen. Wann d'Frëndschaft mat „eisen“ Zeitunge weider esou flott bleift, da maache mir esou laang weider, wéi den Äifer fir eis Sprooch an d'Gesundheit äis et erlaben.



## Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35 000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

39,50 €

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg  
LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).